N°1626
Entrée le 04.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.12.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 4. Dezember 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an den Här Minister fir d'Famill, fir d'Solidaritéit, fir d'Zesummeliewen a fir den Accueil weiderzeleeden:

*„ An Kader vum „Zuch vun der Demokratie", deen dëst Joer den 11. November an der Chamber stattfond huet, goufe Froen iwwert Spillgeräter fir Kanner mat ageschränkter Mobilitéit an de Schoulhäff zu Lëtzebuerg gestallt.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Inneminister an dem Här Minister fir d'Famill, fir d'Solidaritéit, fir d'Zesummeliewen a fir den Accueil follgend Froe stellen:*

- *Ginn et bei de respektiven Ministèren Zuelen doriwwer, wéi vill Gemenge behënnertegerecht Spillgeräter an hire Schoulhäff installéiert hunn?*
- *Wéi gesinn d'Häre Minister de Virschlag vun de Schoulkanner, dat d'Gemenge mëttelfristeg all d'Schoulhäff zu Lëtzebuerg mat Spillgeräter ausstatten, déi fir Kanner mat ageschränkter Mobilitéit gëeegent sinn?*
- *Ginn et an dësem Kontext schonn Initiativen, déi sech mam Ausbau vun inklusive Spillplazen an de Schoulhäff befaassen?"*

Mat déiwem Respekt,

Mandy MINELLA
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu